adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 AVR. 2014
230

Här President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2014

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Bei Scheedunge kann et passéieren, datt d'Rechter vun de Kanner oder vun engem Elterendeel, esou wéi se vum Familljegeriicht festgehale goufen, net respektéiert ginn.

Doweinst wéilt ech dem Justizminister dës Froe stellen:

1) Zanter 2010, wéi vill Plainten goufen pro Joer deposéiert wéinst der Verletzung vum Besuchsrecht (non-représentation d'enfants) ? Wéi eng Suitë, statistesch gesinn, haten dës Plainten ?

2) Zanter 2010, wéi vill Plainten goufen pro Joer deposéiert well Kanner oder Familllje verlooss gi sinn (abandon d'enfants ou de famille) ? Wéi eng Suitë, statistesch gesinn, haten dës Plainten ?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser
Deputéierten